Vum Krautmaart op Sankt Maximäin an zeréck, mat e puer Emweeër

Séance académique 1.2.2010

Altesses Royales,

Här Chamberpresident,

Dir Dammen an Här Minister,

Madame an Här Presidenten,

Dir Dammen an dir Hären,

Et ass nach net esou laang hier, 40 Joer.

An dach wor Enn der 60er Joren d'Situatioun vun der Chancëgläichheet fir Fraen a Männer an onser Gesellschaft eng ganz aner wéi haut. Um Aarbechtsmaart, an der Fonction publique, an der Wirtschaft an an der Politik.

An der Fonction publique woren – bis op eng – di wéineg Fraen, di Beamtinnen an der Carrière supérieure woren, di Damme Professorinnen, di an de Meedercherslycéeën zu Lëtzebuerg an zu Esch Schoul gehalen hunn.

Säit Enn vum zweete Weltkrich bis an d'sechzeger Jore gouf et eng Fra an der Carrière supérieure an der Administration gouvernementale, d'Madame Ginette Kohner, genannt vum Dr. Charles Marx, Minister vun der Assistance sociale a vun der Santé, an der Regierung vun der nationaler Unioun, (1944-1947). Wéi ech se kannt hunn, wor se Conseiller de Gouvernement an deene Ministèren.

Eréischt am Mäerz 1961 huet den deemolege Justizminister, Paul Elvinger, di dräi éischt weiblech Magistratinne genannt, d'Claire Peters, d'Jeanne Rouff an d'Anne-Marie Courte.

Eng véiert, d'Colette Huberty, ass als Magistratin op der Streck bliwwen an ass als Attaché an de Ministère genannt ginn, well se bestuet wor, a well d'Verwaltung iertümlecherweis gemengt huet, eng bestuete Fra misst fir en Urteel als Richter ze spriechen, eng Autorisation maritale kréien. Déi Interprétation ass duerno relatif schnell fale gelooss ginn, wéi eng vun deenen Dammen, di als Célibataire genannt gi wor, sech bestuet huet. Ech ginn duerno nach méi ausféierlech an op d'Problematik vun der zivilrechtlecher Stellung vun der bestuetener Fra.

Fir maïn Deel hat ech, no der Uni, 1962 eng Kandidatur gestallt an d'Affaires étrangères. Ënnert deem engen oder deem anere Virwand sinn ech ofgewimmelt ginn. Di richteg Ursaach wor, dass se keng Fra wollten anstellen. Dat koum zum Ausdrock an engem Telefonsgespréich, dat ech den 19. November 1962 mam Secrétaire général vum Ministère geféiert hunn. Hien ass net richteg mat der Sprooch erauskomm, huet d'Ursaach awer ugedeit an huet probéiert mech z'iwwerzeegen, ech soll mech dach bei den europäeschen Institutione bewerben. Hien huet esouguer gemengt, de Lëtzebuerger Commissaire kéint mir hëllefen, eng Plaz ze kréien an der Carrière moyenne. Ech hunn him bestätegt, ech wier wuel interesséiert un den europäeschen Institutiounen, wéilt awer de normale Wee erakommen an hätt mech zu zwee Concoursen an der Carrière supérieure gestallt. Entweder géing ech se packen oder net, mä de Commissaire bräicht sech net ëm meng Bewerbung ze këmmeren.

Opgrond vun deene Concoursen, sinn ech dunn 1964 als Administrateur am Generalsekretariat vum Conseil zu Bréissel agestallt ginn. Och do woren deemols bal keng Fraen an der Carrière supérieure an d'Delegéierten hunn am Ufank gemengt, ech kéim an d'Sëtzung fir de Kaffi ze zervéieren oder d'Äschebechere propper ze maachen….

D'Affaires étrangères zu Lëtzebuerg hat ech ower net vergiess an am Februar 1967 hunn ech meng Kandidatur erneiert. Dës Kéier ass se bis an de Conseil de Gouvernement komm, wou zwee Membre vun der Regierung – de Jean Dupong an d'Madame Frieden-Kinnen – meng Cause plaidéiert hunn, mä ëmsoss.

Am Joer 1971, huet den Ausseminister Gaston Thorn di éischt Fra an d'Carrière diplomatique genannt, d'Jacqueline Lenners, an 1973 di zweet, d'Marie-Rose Berna.

Säithier huet sech munches an der Fonction publique geännert. Et gëtt op Concours recrutéiert, am Prinzip de Classementer no, an d'Fraen hunn diselwecht Chancen, wéi hir männlech Kollegen. Haut ginn et Beamtinnen an alle Servicer vum Staat a vun de Gemengen. Juristinnen, Economistinnen, Architektinnen, Ingenieuren, Dokteschen, Chef d'administration, Premiers Conseillers de Gouvernement, Ambassadeuren,….

An de 60er a 70er Jore wor d'Situtatioun vun de Fraen am Privatsektor net besser wi an der Fonction publique. Et goufe kaum Fraen a leedende Positiounen an de Betriber a scho guer keng an de Verwaltungsréit vun de grousse Gesellschaften.

An de 70er Jore koum ech an de Verwaltungsrot vun der CLT, vun enger grousser Bank a vun enger Assurancegesellschaft a wor Commissaire aux Comptes bei der Arbed. Bei der Begréissung an der Sëtzung gouf ech am Ufank ëmmer vergiess, well de President, aus aler Gewunnegt, ugefangen huet „Messieurs“,….

Entretemps huet sech och hei villes geännert an d'Partizipatioun vun de Fraen um wirtschaftleche Liewen, och a leedende Positiounen, ass kloer ugewuess.

An der Politik wëll ech net am Detail op den Historique agoen – anerer hunn et ausféierlech a besser gemaach – däerf awer drun erënneren, dass 1919, wéi d'Fraen d'Wahlrecht kruten, d'Madame Marguerite Thomas-Clément an d'Chamber gewielt gouf, wou se bis 1931 deen eenzege weibleche Member wor. Duerno wor während méi wi dräi Joerzéngte keng Fra méi am Lëtzebuerger Parlament.

Am Oktober 1965, wéi den Här Antoine Krier Minister gouf, huet d'Madame Astrid Lulling an der Chamber seng Nofolleg ugetrueden. Si huet, direkt bei hirer Untrëttsried, den 20. Oktober, eng Proposition de Loi abruecht, zesumme mat véier CSV, LSAP an DP-Kollegen, fir eng Reform vun den Zivilrechter vun der bestuetener Fra ze erwierken. Déi Proposition de Loi wor ausgeschafft gi vun de „Femmes juristes luxembourgeoises" a wor gedroe vun alle Fraenorganisatiounen am Land. Et sollt awer nach daueren, bis dass et an där Fro zu engem Resultat sollt kommen.

Am Dezember 1968 koum et, no enger Regierungskris, zu virgezunnene Wahlen. All d'Fraevereenegungen hunn deemools mobil gemaach fir 1969 fofzeg Joer Fraewahlrecht ze feieren. D'Parteien hunn dunn och gemengt, et wär wichteg di eng oder di aner Fra op hire Lëschten ze hunn. Sou waren, uechtert d'Land, 7 Fraen op de Lëschten, ënnert aneren d'Madame Frieden, säit 1967 Staatssekretär vun der Famill, der Jugend, der Populatioun, der sozialer Solidaritéit an der Education nationale, op enger CSV- Lëscht, d'Députéierten Astrid Lulling op enger LSAP-Lëscht, an ech selwer – wahrscheinlech well ech aus menger sportlecher Aktivitéit bekannt wor – op enger DP-Lëscht.

Zwou Frae goufen direkt gewielt, d'Madame Frieden an d'Madame Lulling. D'Madame Frieden ass net an der Chamber vereedegt ginn, well se an der Werner-Schaus II Regierung, am Februar 1969, Familljen-, Jugend-, Santés- a Kulturminister gouf. D'Madame Lulling koum zeréck an d'Chamber. Wéi d'Regierung stoung, sinn ech nogerutscht a mir woren dunn zu zwou Fraen an der Chamber.

Wann ech zeréckdenken un di 40 Joer - mat Ënnerbriechungen – déi ech an der Chamber verbruecht hunn, da ginn et vill Gesetzer, bei deenen ech frou sinn, dass ech se hunn däerfe matstëmmen. Mä et ginn der fënnef oder sechs, di ech ni wäert vergiessen. Si hunn all mat wichtege gesellschaftspolitischen an deelweis mat fraerechtleche Froen ze dinn:

-d'Reform vun den Zivilrechter vun der bestuetener Fra (Gesetz vum 12. Dezember 1972) an d'Reform vun de Régimes matrimoniaux (Gesetz vum 4. Februar 1974),

-d'Liberalisatioun vun der Ofdreiwung (Gesetz vum 15. November 1978),

-d'Ofschafe vun der Doudesstrof (Gesetz vum 20. Juni 1979),

-d'Schafe vun der Palliativfleeg an d'Entkriminaliséierung vun der Euthanasie (Gesetzer vum 16. Mäerz 2009)

Zu der Reform vun den Zivilrechter vun der bestuetener Fra – d'Gesetzer vun 1972 an 1974 – wëll ech e Wuert soen, well se vu wegweisender Wichtegkeet sinn um Gebitt vun der Gläichstellung vu Mann a Fra, a well hir Bedeitung, aus mir onerkläerlechen Grënn, oft ënnerschat gëtt.

Ech hu schonn op d'Viraarbechte vun de „Femmes juristes" higewisen, di zu der Proposition de loi vun 1965 vum Astrid Lulling geféiert hunn. Am Numm vun der Regierung Werner Schaus II huet de Justizminister Eugène Schaus den 9. Dezember 1969 d'Projets de lois

abruecht iwwert Rechter a Flichte vu Mann a Fra an iwwert d'Reform vun de Régimes matrimoniaux.

Zur Erënnerung: Bis dohi wor eng bestuete Fra incapable virum Gesetz. An der Märei krut eng Koppel bei der Hochzäit aus dem Code civil virgelies:

Artikel 213. De Mann ass der Fra Bäistand schëlleg. D'Fra muss dem Mann follegen.

Domadder konnte bestuete Frae keng eegen Decisioun huelen, ouni Erlaabnis vun hirem Mann. Si konnte kee Konto op enger Bank opmaachen an si konnten net doriwwer verfügen.

Mäi Fraktiounschef an der Chamber, de Paul Elvinger, huet mir proposéiert, hie fir d'Diskussioun vun deene Projeten an der Commission juridique ze ersetzen.

Ech wosst, dass an där Kommissioun och nach di eng oder aner konservativ Politiker woren, di géingen Nachhutgefechter féieren. An déi Kollegen hu vill méi Droit kannt ewéi ech an hate vill mei juristesch a parlementaresch Erfahrung.

Mat Hëllef vun de „Femmes juristes » hu mer e Krichsrot agesat an ech sinn, den Dag virun all Sëtzung, vun der Commissison juridique gebrieft gi vun de „sparring partners" Annette Schwall, Jeanne Rouff a Marguerite Biermann. Ech wëll hinne vun hei aus duerfir nach eng Kéier ëffentlech Merci soen.

Den Text vum Eugène Schaus koum schliisslech wäitgehend onbehellegt duerch d'parlamentaresch Hürden. E gouf zum Gesetz vum 12. Dezember 1972 an deem den Artikel 213 vum Code civil du geheescht huet an haut nach heescht:

„Mann a Fra sinn een deem aneren Trei, Hëllef a Bäistand schëlleg.“

Nach muss ech soen, dass ech, e Joer duerno, am Dezember 1973, bei enger Taass Kaffi an der Chamber, mat engem Kolleg Deputéierten a Buergermeeschter aus dem Norden iwwert déi Texter geschwat hunn, dee mech gefrot huet: „Liest dir dann an der Stad äre Leit deen neien Text vir?“ Op meng affirmativ Äntwert, huet hie gemengt: „Mir liesen nach deen alen“… Déi Zäiten sinn awer elo erëm, iwwerall am Land.

Ier ech d’Kapitel vun der Chamber verloossen, wëll ech nach e puer Zifferen nennen. 1969 woren 1.8% vun de Chambersmembere Fraen, 1974 woren et 5.1%, 1979 6.8%, 1984 14.1%, 1989 16.7%, 1994, 1999 an 2004 20%. Am Joer 2009 koum et erëm zu engem quantitative Spronk an d’Frae koumen op 25%. Mir stellen also fest, dass vun 1965 un, d’Vertriedung vun de Fraen an der Chamber lues, mä kontinuéierlech an d’Luucht gaangen ass. An dat kontinuéierlech ass wichteg!

Am Laf vun de Joren hunn sech d’Fraen och a parlamentaresche Responsabilitéiten eropgeschafft:

Kommissiounspresidentinnen, Fraktiounspresidentin, Vizepresidentinne vum Parlament an – net ze vergiessen – d’Presidentschaft vun der Chamber, di d’Erna Hennicot-Schoepges vun 1989 bis 1995 ausgeübt huet.

An der Regierung wor d’Entwécklung prozentual méi héich, mä heiansdo méi zögernd. Si ass ower positiv. Wéi scho gesot wor 1967 d’Madame Frieden di éischt an di eenzeg Fra an der Regierung; si ass et 1969 bliwwen. An der sozial-liberaler Regierung gouf et, erstaunlecherweis, e Réckschrëtt, et wor eng Männerriege. Dunn, 1980, eng Fra; 1984 keng; 1989 eng; 1992 zwou; 1995 dräi; 1999 véier; 2004 dräi an 2009 erëm véier.

Um Gemengeplang wore scho säit den 20er Joren e puer Fraen an de Gemengeréit an et goufen och zwou Dammen, di Schäffe woren. Den Duerchbroch bei de Buergermeeschtere koum 1970, wi d'Astrid Lulling Buergermeeschtesch gouf zu Schëffleng an ech an der Stad.

Bei mir wor et en Zoufall. Meng Partei ass 1969 aus der Oppositioun an d'Gemengewahle gaang. Ons beschte Leit- Gaston Thorn an Eugène Schaus – woren an der Regierung. Als Deputéierte krute mir also den Optrag ons de Gemengenwahlen ze stellen. An wa mer an der Stad gefrot gi sinn, „wann der an de Schäfferot kommt, wie gëtt bei iech Buergermeeschter", hu mer geäntwert: „de Beschtgewielten".

No de Wahlen, wor ech op der DP-Lëscht dee beschtgewielte Kandidat. Mä nach laang net Buergermeeschter. Well et huet ausgesinn, wéi wann d'LSAP-CSV Koalitioun géing viru goen an den Accord wor esou gutt wéi ofgeschloss. Du hunn d'Sozialisten zu Esch der CSV de Stull virun d'Dier gesat an hu mat de Kommunisten e Schäfferot gebilt. Dat huet duerzou geféiert, dass d'CSV du mat ons verhandelt huet an dass et zu engem blo-schwaarze Schäfferot koum. Ech verdanken also dem Wieler, mä … och den Escher Sozialisten, dass ech 1970 Buergermeeschter gouf.

Zu mengem grousse Schreck! Ech wor di eenzeg Fra am Gemengerot an dee jéngste Member. Mä an der Politik schéngt et wi an der Algèber ze sinn : zwee negativ Virzeeche gi positiv! Et koum zwar e weideren Handicap derbäi. Ech wor virdrun ni am Gemengerot gewiescht a wosst net wéi eng Gemeng géing funktionéieren. De Gaston Thorn huet mer mat op de Wee ginn: besonnesch am Ufank, musst de ganz vill schaffen an all Dossier besser kenne wi iergend een aneren am Gemengerot.

Et wor e gudde Rot.

Mir ass et an der Männerwelt vum Gemengerot relativ gutt ergaang an ech hat als Fra ni besonnesch Schwieregkeeten. Di eeler Hären am Gemengerot woren zwar iwwerrascht et e beemol mat enger Fra ze dinn ze hunn, di hätt kënnen deene meeschte vun hinnen hir Duechter sinn, mä ech mengen zu gläicher Zäit woren se e bësschen houfreg, dass Lëtzebuerg esou fortschrëttlech konnt sinn…

Dann ee Wuert zum Europaparlament, deem ech säit 1969 ugehéiert hunn, zu enger Zeit also, wou d'Europaparlamentarier nach net direkt gewielt woren, mä vun hiren Nationalparlamenter designéiert gi sinn. Do woren deemols schonn d'Frae méi zahlreich, wéi an den Nationalparlamenter, mä et woren der nach net vill.

E grousse Moment koum direkt 1979, bei den éischten Direktwahlen, wéi d'Simone Veil zur Presidentin vun deem neien direkt gewielte Parlament gouf. Dat huet a ganz Europa an an der ganzer Welt Schlagzeile gemaach an – fir et op Englesch ze soen – „it put the European Parliament on the map".

Vun 1979 un ass iwwert d'Joren de Prozentsaz vu Fraen am Europaparlament regelméisseg an d'Luucht gaangen. Vu 16% am Joer 1979, op 35% bei de leschte Wahlen am Juni 2009. Domadder steet d'Europaparlament och haut nach besser do, wi di meescht Nationalparlamenter.

Mä komme mer elo op St. Maximäin. Enn 1980 gouf de Gaston Thorn Kommissiounspresident zu Bréissel an ech hunn seng Nofolleg hei zu Lëtzbuerg ugetratt als Ausseminister a Coopérationsminister, Wirtschaftsminister a Justizminister.

Ausseminister ze gi wor fir mech eng grouss Satisfactioun, well ech mech ëmmer fir Aussepolitik interesséiert hunn, well et dee Beräich wor op dee meng Studie mech am beschte virbereet haten, mä ower och – ech ginn et zou – well den Ausseministère mech 1962 an 1967 net wollt …

An deene Jore woren d’Reunioune vun den Ausseministèren an der Communauté, am Conseil de l’Europe, an der NATO an esouguer an der UNO eng Männerwelt. Mä meng Kollege woren all Gentlemen a si hu mir et ni besonnesch schwéier gemaach.

Nach goufen et amüsant Momenter. Iergendwann haten d’amerikanesch Servicer, aus iergendenger Ursaach gefrot, an d’Konte vun der Cargolux ze kucken. Ech hu mech gewiert an hunn dem amerikaneschen Ambassadeur gesot, mir wäre keng Banannerepublik. Hir Servicer kéinten net einfach an d’Bicher vun enger lëtzebuergescher kommerzieller Gesellschaft kucken. Wann et e Geriichtsproblem géif ginn, da soll den amerikanesche Riichter der Lëtzeburger Justice eng Commission rogatoire zoukomme loossen, da géing dat säi Wee goen. Dräi Méint drop wor ech zu Washington, am State Department, op engem Aarbechtsbesuch. Ee vun den Under Secretary of State, mat deem ech ze dinn hat, koum op mech duer mat de Wieder: „Ah, you are the girl of the banana republic…“ Dat wor fir mech keng Beleidegung, mä de Bewäis, dass de Message ukomm wor!

An de fréien 80er Jore wor ower onsen Haaptproblem net esouvill d'Aussenpolitik, wéi d'Stolkris. Als Wirtschaftsminister hunn ech mech do wierklech an enger Männerwelt erëmfonnt, am europäesche Conseil vun den Industrieminister, bei den Servicë vun der Commissioun, mä och heiheem beim Patronat, bei de Gewerkschaften an doduercher och an der Tripartite.

Hei hunn ech oft erëm un dem Gaston Thorn säi Rot geduecht an hunn d'Dossiere ganz genee studéiert.

An enger vu menger éischter sougenannter Beichtstull-Reunioun mat der Kommissioun a mat de belsche Vertrieder vun der Regierung a vum Stolpatronat ass dat mer ze gutt komm. Op belscher Säit wore fir d'Patronat zwee Vertrieder derbäi, den Albert Frère, dee fir Charleroi gekämpft huet, an de Julien Charlier, fir Léck. E gewëssene Moment hunn di zwee Häre ganz hefteg gestridden iwwert e Punkt, deen ower schonn zwee Joer virdrun definitiv entscheet gi wor. Ech hu mer erlaabt se drop hinzeweisen, dass op Säit souwéisou vun den Accords d'Hanzinelle de Problem gereegelt wär an dass mer net bräichten drop zeréckzekommen. Gleeft mer, dat huet sech séier erëmgeschwat an dat huet mer d'Liewen zu Bréissel enorm erliichtert…

Wann ech de Bilan maache vun deene Joren, da sinn ech hei zu Lëtzebuerg ganz besonnesch dem Gaston Thorn an dem Paul Elvinger zu Dank verflicht. Dem Gaston Thorn, dee mer de Wee an d'Politik op gemaach huet, dee mech ëmmer ënnerstëtzt huet a bei deem ech ganz vill geléiert hunn. Dem Paul Elvinger, dee mäin eegentleche parlementaresche Léiermeeschter wor.

Bei den auslännesche Kollege géing ech den däitschen Ausseminister Hans-Dietrich Genscher nennen, den Engländer Peter Carrington, de franséische Justizminister Robert Badinter an, selbstverständlech, d'Simone Veil.

Den Hans-Dietrich Genscher, well hie bei sengen aussepoliteschen Decisiounen (bal) ëmmer richteg loung, an – wéi den Helmut Kohl – di kleng Partner respektéiert huet; de Peter Carrington, well hien no der argentinescher Invasioun op St. George's Island, di zum Falkland's Krich geféiert huet, aus politeschem Anstand demissionéiert huet, obwuel hie fir d'Evenementer a kenger Weis verantworlech wor (munnech Politiker wäre gutt beroden sech dorunn e Beispill ze huelen); de Robert Badinter fir säin onermiddlechen Asaz fir d'Verteidigung vun de Mënscherechter. D'Simone Veil fir alles dat, wat hatt an onsem Zäitalter duerstellt, fir säi Sënn fir Geruedheet a Gerechtegkeet, fir seng sozial Sensibilitéit, fir säin Asaz fir d'Rechter vun der Fra an der Gesellschaft, fir seng Exigenz sech selwer géigeniwwer.

No de Regierunsjore koum ech du mol an d'Chamber, mol an d'Europaparlament zeréck. 1990 hunn ech d'Europaparlament verlooss fir Generaldirekter an der Kommissioun ze ginn, fir d'éischt beim Jacques Delors an du beim Jacques Santer. Mir woren zu 20 oder 25 Generaldirekteren, dovunner zwou Fraen, d'Madame Renée van Hoof, Chef vun deem deemols scho gréissten Dolmetscher-Service vun der Welt an ech an der Informatioun, der Kommunikatioun, dem Audiovisuel, der Kultur an dem Sport.

Wéi 1995 Schweden a Finland bäigetruede sinn, hunn si, zesumme mat Dänemark, den Nordeuropäeschen Engagement fir d'Gläichberechtigung an der Personalpolitik vun der Kommissioun zum Droe bruecht. Säithier ginn et vill méi Fraen a Responsabilitéitspositiounen, vum Chef de Division, iwwert Direkter, Generaldirekter bis zum Secretaire général vun der Kommissioun.

Am Joer 1999 hunn ech d'Kommissioun verlooss fir zeréck an d'Europaparlament ze goen mat enger Fournée Députéierte vun deenen 30% Fraen woren. Hir Präsenz wor an ass haut am Europaparlament eng Selbstverständlechkeet.

Dat leet mech zu menge Konklusiounen. Mir sinn an de leschte 40 Joer e laange Wee gaangen am Sënn vun der Gläichstellung vu Mann a Fra an onser Gesellschaft. Mä et bleift nach munches ze maachen.

Et bleiwe Gesetzer ze reforméieren. Mä et bleiwen och Fortschrëtter an onse Käpp ze maachen, notamment an de Käpp vun de Frae selwer. Ouni Iwwerhieflechkeet mussen d'Fraen u sech selwer gleewen a sech trauen.

Si sollen ower och d'Sinatra Doktrin behäerzegen, „I'll do it my way". Sech selwer bleiwen, mat hiren eegene Stäerkten an Schwächten, an net mengen et misst een et engem grousse Virgänger nomaachen. Dat gëllt iwwregens fir jiddereen, net nëmme fir d'Fraen.

Viru Joren ass d'Françoise Giroud vun engem Journalist vum New York Times gefrot ginn, wéini – senger Meenung no – d'Frae wierklech emanzipéiert wären. Sënngeméis huet et geäntwert, wann eng Fra, di näischt Exceptionnelles hätt, kéint op eng héich Positioun genannt ginn.

Dat ass sécherlech iwwerspëtzt formuléiert. Nach bleift et, dass d'Fraen an exposéierte Positiounen, och haut nach, mussen e bëssche méi schaffen a leeschte wéi hir männlech Kollegen.

Duerfir sinn natierlech Educatioun a Formatioun e wichtegt, wann net dat wichtegst Instrument um Wee vun der Chancëgläichheet. An onse Länner sinn di Méiglechkeete ginn, mä leider gëtt net all jonkt Médchen encouragéiert oder kritt erlaabt Gebrauch dervun ze maachen. An den Entwécklungslänner bleift nach vill méi ze maachen an ons Entwécklungshëllef läit op jidde Fall richteg, wann se an d'Educatioun an d'Formatioun investéiert.

Mir sollen och dofir suergen, dass mer bei ons doheem bei der Chancëgläichheetspolitik beispillhaft do stinn, fir dass ons Aktioun um internationale Plang glaubwürdeg ass.

Ech wënschen der Madame Ministerin vun der Chancëgläichheet an hire Mataarbechter vill Erfolleg an hirer Missioun.